

## **Presse Kommuniké zum Thema Aide Financière Reaktioun op d'Amendement vum 14. Mee**

Den 20. Juni 2013 gouf dat aalt Gesetz vun der Aide Financière duerch den Europäesche Geriichtshaff gekippt. Doduerch huet missen en neie Gesetzprojet ausgeschafft ginn. Nodeems d'ACEL sech mat der deemoleger Ministesch Martine Hansen a mam momentane Minister Claude Meisch getraff huet, ass dëse Gesetzprojet vun der neier Regierung virgestallt ginn.

Dorops hin huet d'ACEL sech mat Vertrieder vun hire Membercerclen zesumme gesat an éischt Kritikpunkten fest gehalen. Am Kader vun enger Entrevue hu mir dës Fuerderungen am direkten Dialog mam Minister Meisch geäussert a säit dem op eng konkret Léisung gewaart. Mir si frou, dass den Här Meisch eis haut Äntwerten op en Deel vun eise Froe geliwwert huet.

Hei ënnendréiner wäerte mir op déi eenzel Punkten vum Minister agoen:

### **1. Bourse de Base bleift bei 2000€ a gëtt net erhéicht.**

Mir bedauern, dass den Här Meisch ons Kritiken an dësem Punkt net mat a seng Amendementer afléisse gelooss huet. De Montant vum reforméierte Kannergeld wier an eisen Aen eng sënnvoll Léisung gewiescht. Eis ass awer bewusst dass de Montant nach net fixéiert ass, dofir schloe mir eng Bourse de Base vun 2500€ fir.

### **2. Déi Studenten déi kee Recht op de volle Montant vun der sozialer an der Mobilitéetsbourse hunn, kréien d'Méiglechkeet dësen Deel als Prêt ze huelen.**

Dës Iddi ass an Zesummenaarbecht mat de Studentecerclen op dem "ACEL meets Prési" den 29. Mäerz opkomm an op eiser Entrevue mam Minister Meisch virgeschloe ginn. Mir si frou, dass dëse Virschlag zréckbehale ginn ass. Engersäits ass et extrem wichteg dass déi Studenten déi amgaang si mat studéieren och an Zukunft kënne vum nämmelechte Montant profitéieren, fir Situatiounen ze vermeide wou e säi Studium misst ofbriechen oder d'Wunneng misst gewieselt ginn op Grond vun der Reform. Anerersäits erméiglecht den Amendement jidderengem den nämmelechte Gesamtmontant, wat mir op jiddefalls Begréissen.

Mir wëllen awer och drop opmierksam maachen, dass domat de gréissten Deel vun den Hëllef an Form vu Prêt ausbezuelt ginn, wat de Student am Ufank vu senger professioneller Carrière zousätzlech belaauscht.

### **3. Unzuel vun de Kanner am Stot**

Eng vun eise Fuerderunge war déi Sozial Critère méi genau ze kucken an sech net just op de Revenu ze beschränken. Dass elo d'Unzuel vun de Kanner déi Studéieren gekuckt gëtt ass eiser Meenung no e Schrëtt an déi richteg Richtung. Ab 2 Kanner déi Studéiere kann een eng zousätzlech Bourse vu 500€ kréien.



Association des Cercles d'Etudiants Luxembourgeois

BP 63 | L-7201 Bereldange  
1, rue de la Loge | L-1945 Luxembourg

contact@acel.lu | www.acel.lu  
+352 691 420 538 / 539 / 540

BCEE LU56 0019 2100 0834 4000  
CCPL LU94 1111 0915 5887 0000

RCS Luxembourg F969



**SPUERKEESS**

#### **4. Dat Joer wat een am Bachelor méi zegutt huet gëtt engem am Master gutt geschriwwen, wann een de Bachelor an der Regelstudienzäit gepackt huet.**

Ursprénglech war vum Minister Meisch virgesinn, dass een am Master Studium net méi d'Méiglechkeet huet, d'Bourse een zousätzlecht Joer ufroen ze kennen. Ons ass et wichtig, dass dëst zousätzlecht Joer engem Student, den et am Bachelor net gebraucht huet, am Master zur Verfügung steet. Dëst zousätzlecht Joer gëtt oft genotzt fir e Projet op der Uni ze maachen oder fir en Auslandssemester, wat oft mat enger verlängerter Studiendauer zesummen hänkt. Aus dem Grond hu mir dës Ännerung virgeschloen an dofir begréisst mir och d'Ëmsetzung dervun.

#### **5. Verännerung vun der Staffelung vun der sozialer Bourse**

Mir begréisst et, dass d'Staffellung vun der sozialer Bourse iwwerschaaft ginn ass. De Schrëtt vun 2000€ op 1000€ beim Iwwergang vun manner op méi wéi 1,5x de Mindestloun war en ze grouss Schrëtt. An ausserdeem war de maximal Montant vun 2500€ just fir déi di manner wéi de Mindestloun verdéngt hunn. Dat war an eisen Aen net sozial gerecht a mam Maximalmontant vun 3000€ gi mer hei an déi richteg Richtung.

#### **6. Projekte fir Studentewunnengen sinn um Lafen**

D'ACEL freet sech ze héieren, dass konkret Projekte fir de Bau vun neie Studentewunnengen lafen. Dëst Uleies hate mir am Kader vun der Mobilitéitsbourse an der Entrevue mam Här Meisch ugeschwat. Domat soll engem lëtzebuerger Student, deen net all Dag vun doheem op d'Uni pendele kann, an elo keng Mobilitéitsbourse méi kritt, zousätzlech ënnert d'Äerm gegraff ginn. Et ass wichtig, dass dës Wunnengen och fir Studenten ouni Mobilitéitsbourse bezuelbar bleiwen.

Well dës Punkt net am Gesetz vun der Aide Financière wäert stoen, bleiwe mir och an Zukunft hannert dësem Dossier.

E weidere Punkt de mir kritiséieren bezitt sech op d'Anti-Cumul Regelung. Den Här Meisch huet confirméiert dass d'Aspuerungen duerch dës Reeglung bei der Opstellung vum Budget fir dëst Gesetz net berücksichtegt gi sinn. Mir bedauern, dass als Reaktioun heirober dës Aspuerungen net an d'Basisbourse oder d'Mobilitéitsbourse reinvestéiert ginn.

D'ACEL ass gréisstendeels zefridden mat dësen Ännerungen an freet sech, dass eng ganz Rei vun eise Proposen ugeholl gi sinn. Mir sinn iwwerzeegt, dass dëst d'Friichten vun konstruktiven Entrevue sinn. Dëst huet eis op en neits verséichert, dass de Wee dee mir decidéiert hunn anzeschloen de richtige war. Mir wäerten och an Zukunft op den Dialog mam Minister an den zoustännegen Deputéierte setzen, a konstruktiv Propose maachen.

Eis Fuerderunge sinn an eise Kommunikéierung vum 02. Abrëll ze fannen. Detailléiert Informatiounen zu den Entrevuen mat den zoustännegen Deputéierten stinn op der nächster Säit.

#### **Contact**

Tom Hermes  
President  
+352 691 420 538  
contact@acel.lu



## **Rapporte vu verschiddenen Entrevuen am Kader vun der Aide Financière**

Mir waren an der läscht relativ aktiv am Dossier Aide-Financière, mir hunn eis mat deenen zoustännegen Deputéierten aus deene verschiddene Parteie getraff fir hinnen eis Fuerderungen ze erklären, mam Ziel dass si dono eis Meenung an der Chamber vertrieeden, an eis esou hëllefen eis Fuerderungen duerch ze bréngen. Mir hunn och eng Demande bei "Déi Lénk" geschéckt, hei krute mer leider nach keng Äntwert. Ausserdem hate mer en Treffe mam Aktiounscomité.

### **Entrevue mat Déi Gréng**

Mir hunn eis mam Claude Adam a mam Dan Michels getraff déi eis Fuerderungen duerchaus fir duerchsetzbar halen. Als Partei déi an der Regierungskoalitioun ass sinn si an hirem Handeln awer ageschränkt. De Claude Adam huet eis trotzdem gesot dass hien eis Fuerderungen fir ganz raisonnabel hält an dofir och esou kéint ënnerschreiwen.

### **Entrevue mat der CSV**

Eis Entrevue bei der CSV war ganz informativ, mat der Mme Hansen hu mir d'läscht Joer schonn un deem heiten Dossier geschafft. Si konnt eis op eng Rei Problemer opmierksam maachen déi si an dem Projet fonnt huet. D'Diskussiounen hunn sech virun allem ëm d'Richtigkeet vun der fiche financière an den Anti-cumul gedréit, op deen si jo och am face à face mam Här Meisch agaangen ass.

### **Entrevue mam ADR**

Beim ADR huet sech d'Entrevue virun allem ëm d'Konditiounen fir d'Mobilitéitsbourse gedréit. Eis Fuerderungen sinn awer och op oppen Ouere getraff an den Här Gibéryen huet eis seng Ënnerstëtzung fir eis Proposen ausgeschwat.

### **Entrevue mat der DP**

D'DP Fraktioun war gläich zu 6 Leit präsent, dorënner de Fraktiounspresident Eugène Berger, d'Kommissiounspresidentin Simone Beissel an d'Deputéierten André Bauler, Lex Delles a Max Hahn. Dës Entrevue war vun der Zort hier éischer mat engem Treffe mam Här Meisch ze vergläichen well op eis Proposen hin direkt d'Ëmsetzbarkeit diskutéiert ginn ass. Eist Virgoen ass awer vum Här Bauler als ganz konstruktiv gelueft ginn a mir krute verséichert dass eis Proposen wäerte mat an d'Gesprécher an der Kommissioun afléissen.

### **Entrevue mat der LSAP**

Bei eisem Treffe mat der LSAP Fraktioun waren de Parteipresident Claude Hagen, sou wéi d'Deputéierten Taina Bofferding, Tess Burton a Franz Fayot derbäi. Si hunn eis Virschléi interesséiert no gelauschert, dono ass driwwer diskutéiert ginn a mir hunn Onkloerheete beschwat. Mir kruten och verséichert dass eis Virschléi souwuel an déi hausintern Discussiounen wéi och an d'Discussiounen an der Chamber wäerten afléissen.

### **Treffe mam Aktiounscomité**

Och wa mir ënnerschiddlech Opfaassungen hunn si mir awer am Kontakt mam Streikcomité, den sech elo Aktiounscomité nennt. An dem Kader hate mer och en Treffe mat hinnen. Hei ass et virun allem em dat weidert Virgoe gaang an dorëms op a wéi mer kënnen e gemeinsame Wee aschloen. D'Versammlung huet ongeféier 2h30 gedauert well mer eng Rei Ideologesch Differenzen hunn an de Problem op komplett aner Methode wëllen ugoen. Dat ganzt ass an der Haaptsaach drop zréck ze féieren dass mir un eiser politescher Neutralitéit fest halen. Et war awer wichteg eis mat hinnen aus ze tauschen a mir hunn eis drop gëeenegt dass mer weider am Kontakt bleiwen.

Aus dem Communiqué vum Streikcomité vum 5. Mee kéint ee fälschlecherweis eraus liesen dass mir d'Gesprécher mam Här Meisch als "Finte" emfannen. Dat hu mir net behaupt a mir sinn och net där Meenung.

